



Sommaire

1. Ouverture de la séance publique
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
2. Dépôt d'une proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés par M. Marc Spautz
 - M. Marc Spautz
3. Communication
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président
4. 6817 - Projet de loi portant approbation de la Convention pour la sauvegarde du patrimoine architectural de l'Europe ouverte à signature le 3 octobre 1985 à Grenade
 - Rapport de la Commission de la Culture: M. André Bauler
 - Discussion générale: Mme Octavie Modert, M. Franz Fayot, M. Claude Adam, M. Fernand Kartheiser, M. Michel Wolter
 - Prise de position du Gouvernement: M. Guy Arendt, Secrétaire d'État à la Culture
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
5. 6641 - Projet de loi portant modification de l'article 491 du Code pénal
 - Rapport de la Commission juridique: M. Alex Bodry
 - Discussion générale: M. Gilles Roth (dépôt d'une motion), Mme Viviane Loschetter, Mme Simone Beissel, M. Roy Reding
 - Prise de position du Gouvernement: M. Félix Braz, Ministre de la Justice
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 - Motion 1: M. Alex Bodry, M. Gilles Roth
 - Vote sur la motion 1 modifiée (adoptée)
6. 6865 - Projet de loi portant réorganisation de l'Administration de l'Environnement
 - Rapport de la Commission de l'Environnement: M. Gérard Anzia
 - Discussion générale: M. Marco Schank (dépôt d'une motion), M. Roger Negri, M. Max Hahn, M. Roy Reding
 - Prise de position du Gouvernement: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement
 - Motion 1: Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, M. Marco Schank, M. Gérard Anzia (renvoi de la motion en commission)
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
7. 6835 - Projet de loi portant approbation de
 - l'Accord sur le transport aérien entre la Communauté européenne et ses États membres et le Canada, signé à Bruxelles, le 17 décembre 2009;
 - l'Accord sur la création d'un espace aérien commun entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et la Géorgie, d'autre part, signé à Bruxelles le 2 décembre 2010;
 - l'Accord euro-méditerranéen relatif aux services aériens entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et le Royaume hachémite de Jordanie, d'autre part, signé à Bruxelles, le 15 décembre 2010;
 - l'Accord de transport aérien entre l'Union européenne et ses États membres, premièrement, les États-Unis d'Amérique, deuxièmement, l'Islande, troisièmement, et le Royaume de Norvège, quatrièmement, signé à Luxembourg et Oslo les 16 et 21 juin 2011;
 - l'Accord annexe entre l'Union européenne et ses États membres, premièrement, l'Islande, deuxièmement, et le Royaume de Norvège, troisièmement, concernant l'application de l'Accord de transport aérien entre l'Union européenne et ses États membres, premièrement, les États-Unis d'Amérique, deuxièmement, l'Islande, troisièmement, et le Royaume de Norvège, quatrièmement, signé à Luxembourg et Oslo les 16 et 21 juin 2011;

- l'Accord sur la création d'un espace aérien commun entre l'Union européenne et ses États membres et la République de Moldavie, signé à Bruxelles le 26 juin 2012;
 - l'Accord euro-méditerranéen relatif aux services aériens entre l'Union européenne et ses États membres, d'une part, et le gouvernement de l'État d'Israël, d'autre part, signé à Luxembourg le 10 juin 2013
 - Rapport de la Commission du Développement durable: Mme Josée Lorsché
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
8. 6807 - Projet de loi modifiant
 1. la loi modifiée du 19 juin 2013 relative à l'identification des personnes physiques;
 2. la loi électorale modifiée du 18 février 2003
 - Rapport de la Commission des Affaires intérieures: M. Yves Cruchten
 - Discussion générale: M. Emile Eicher, M. Max Hahn, M. Roberto Traversini
 - Prise de position du Gouvernement: M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
 9. 6824 - Projet de loi portant modification du décret du 30 décembre 1809 concernant les fabriques des églises
 - Rapport de la Commission des Affaires intérieures: M. Claude Haagen (questions de M. Marc Spautz et M. Claude Wiseler)
 - Discussion générale: Mme Diane Adehm (dépôt d'une résolution), M. Alex Bodry (dépôt d'une documentation)(interventions de M. Claude Wiseler), Mme Lydie Polfer, M. Roberto Traversini, M. Gast Gibéryen, M. David Wagner, M. Claude Wiseler (interventions de M. Alex Bodry)
 - Prise de position du Gouvernement: M. Dan Kersch, Ministre de l'Intérieur (interventions de Mme Diane Adehm, M. Gilles Roth, Mme Lydie Polfer et M. Claude Wiseler)
 - M. Gast Gibéryen (parole après ministre)
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi
 - M. Claude Wiseler
 - Vote sur la dispense du second vote constitutionnel
 - Résolution 1: M. Alex Bodry
 - Vote sur la résolution 1 (rejetée)
 10. 6910 - Projet de loi modifiant:
 - la loi modifiée du 21 novembre 1980 portant organisation de la Direction de la santé;
 - la loi modifiée du 3 août 1998 instituant des régimes de pension spéciaux pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois;
 - la loi modifiée du 31 mai 1999 portant création d'un corps de police grand-ducale et d'une inspection générale de la police;
 - la loi du 25 mars 2015 instituant un régime de pension spécial transitoire pour les fonctionnaires de l'État et des communes ainsi que pour les agents de la Société nationale des Chemins de Fer luxembourgeois;
 - la loi du 25 mars 2015 déterminant le régime et les indemnités des employés de l'État;
 - la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État
 - Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Réforme administrative: M. Yves Cruchten
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Au banc du Gouvernement se trouvent: MM. Félix Braz, François Bausch, Dan Kersch et Mme Carole Dieschbourg, Ministres; M. Guy Arendt, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 14.03 heures)

1. Ouverture de la séance publique

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Ech maachen d'Sëtzung op a froen d'Regierung, ob se eng Matdeelung ze maachen huet.

► M. Félix Braz, Ministre de la Justice.- Neen, Här President.

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Ech kéint mer d'Fro eigentlech spueren.

(Hilarité)

Den Här Spautz huet d'Wuert.

2. Dépôt d'une proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés par M. Marc Spautz

► M. Marc Spautz (CSV).- Ech wollt en Dépôt maachen.

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Ah! Da kommt Dir!

► M. Marc Spautz (CSV).- Merci, Här President. Ech wollt opgrond vum Artikel 202 vum

Règlement vun der Chamber en Dépôt maachen, wat den Oflaf vun de Chambersitzungen ubelaangt an notamment wat den Oflaf an d'Verhandlung vun den Interpellatiounen ubelaangt. An ech proposéieren dofir, dass mer d'Reglement, den Artikel 88 vum Chambersreglement iwwert d'Interpellatiounen geïfen änneren, an zwar, dass mer de Saz geïfe bäiféieren, dass, wann eng Interpellatioun ugefrot ass a se op den Ordre du jour kënnt, déi misst dënnsches op den Ordre du jour kommen als éischte Punkt respektiv no der Heure de questions.

Ech hu jo och gëschter héieren, dass d'Regierung dat ënnerstëtze géif, wann d'Interpellatiounen zu enger besserer Zäit geïfe stattfannen. Dofir géif ech mer dann erlaben, lech, Här President, dës Proposition eranzeginn, fir dass mer d'Reglement vun der Chamber deemt-sprechend ëmänneren.

Villmools Merci.

6958 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative au chapitre 3 «Des interpellations»

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Merci. Dat wär jo dann net nëmme fir dës Legislaturperiod?

(Brouhaha et hilarité)

Neen, neen, neen, mä et kéint!

(Brouhaha et hilarité)

Selbstverständlech net. Et gëtt jo vill Legislaturperioden, Här Wolter.

► M. Michel Wolter (CSV).- Jo, jo.

► M. Mars Di Bartolomeo, Président.- Merci villmools! Merci villmools!

Et gëtt eigentlech, wann Der mer erlaabt, dat ze soen, et gëtt eigentlech Saachen, déi gëtt et guer net. Ech si fir d'éischte Kéier interviewt ginn, well mer anscheinend ze vill schaffen.

(Hilarité)

3. Communication

Bon, ech wollt der Chamber dann nach folgend Kommunikatioun maachen:

D'Commission juridique huet eng Souskommission «Préservation des entreprises et Modernisation du droit de la faillite» an d'Liewe geruff, déi wéi folgt zesummegesat ass: Membere sinn den Här Franz Fayot, d'Madamm Simone Beissel, den Här Léon Gloden, d'Madamm Viviane Loschetter an den Här Roy Reding.

Bon, ech mengen, do brauch ech den Accord vun der Chamber net ze froen, dat ass eng Informatioun.

Merci villmools.

A mer geïfen dann zur Fortsetzung vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Den éischte Punkt fir haut de Mëtten ass de Projet 6817, eng Konventioun iwwert d'Erhale vun eisem Patrimoine architectural. An d'Wuert huet direkt den Här Rapporteur, den Här André Bauler.

4. 6817 - Projet de loi portant approbation de la Convention pour la sauvegarde du patrimoine architectural de l'Europe ouverte à signature le 3 octobre 1985 à Grenade

Rapport de la Commission de la Culture

► M. André Bauler (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären: „Hier findet sich so viel Größe mit Anmut, so viel Ernst mit Lieblichkeit verbunden, dass wohl zu wünschen wäre, Poussin hätte sein herrliches Talent in solchen Räumen betätigt.“ Dat huet de Johann Wolfgang von Goethe voller Bewonnerung geschriwwen, wéi hien d'Festungsstad Lëtzebuerg am Oktober 1792 fir d'Zweet besicht huet. Eng Bronzeplack bei der Goethestuff - ech war elo just kucken, fir mech ze versécheren -...

(Interruptions)

...erënnert un dee groussen däitschen Dichter a Schrëftsteller, deen, wéi gesot, eis Stad deemools besicht huet.



Datselwecht wier iwwer Dubrovnik ze soen, iwwer Prag, Barcelona oder iwwer Venedig. Dës Stied gehéieren all zu de kulturhistoresche Sitten an Europa, déi eenzegaarteg sinn an déi op eng jorhonnertenal Bautraditioun zrëckkucken kënnen. Och eis fréier Festungsstad mat der berüümter Corniche ass, wéi dat schonn d'éinescht ugeklongen ass, en Deel dovunner. An et verwonnert dofir och net, datt si zum Beispill am Guide Michelin als - ech zitieren -: «le plus beau balcon de l'Europe» betitelt gëtt.

Europa ass effektiv räich un architektonesche Bauwierker an huet vill wäertvoll Gebaier opzeweisen, vum Atlantik bis un den Ural, vu Sizilien bis erop an déi skandinavesch Länner. Denke mer u monumental Bauwierker wéi d'Schlass vu Versailles, den Escorial oder de Wanterpalast zu Sankt Petersburg, pittoresk Stied wéi Toledo oder Sibiu mat hirer onverwieselbarer Kuliss, pharaonesch Bauwierker wéi de Kölner Dom oder d'Péiterskerch am Vatikan mat de Kolonnade vum Bernini! Denke mer och un de griecheschen Héritage an d'Iwwerreschter vun der réimescher Baukultur, wéi zum Beispill de Forum Romanum oder de Kolosseum!

Europa ass eng Kulturlandschaft ounigläichen, mat engem architektonesche Patrimoine, dee sech duerch seng grouss Diversitéit auszeechent a fir dee mer vun anere Länner bewunnert a beneit ginn, besonnesch vu japaneschen a chineseschen Touristen. Dëse Schaaft u Bauwierker, des Bautraditioun ass net nëmmen e Stéck Geschicht, en ernënnert un eis kulturell Wuerzelen an déi domat verbonnen Eegenaarten. En ass den onersetzlechen Ausdrock vum Räichtum a vun der Diversitéit vun kulturelle Patrimoine vun Europa, en onschätzbaren Zeie vun eiser Vergaangenheet an en Allgemenggutt fir all Europäer. - Dat stellen d'Signatairé vun der Granada-Konventioun fest.

Här President, mat deemem Gesetzesprojet solle mer also d'Konventioun iwwert d'Sauvegarde vum architektonesche Patrimoine an Europa, déi den 3. Oktober 1985 zu Granada ënnerzeechent gouf, guttheeschen. D'Granada-Konventioun huet als Zil, d'Zesummenaarbecht tëschent de Regierungen am Raum vum Conseil de l'Europe ze verstärken, dës fir den historesche Patrimoine, deem den europäesche Raum charakteriséiert an also op europäeschem Raum situéiert ass, ze schützen.

A sengem explikative Bericht ënnersträicht den Europarat, datt d'Konservatioun vum Patrimoine net nëmmen eng kulturell Finalitéit huet, mä datt se och e Facteur vu wirtschaftlecher a sozialer Entwécklung vun de Stied an de Regiounen duerstelt. Wann d'Konservatioun vun eiser architektonescher Ierfschaft eng Charge ass, esou ass si awer och eng Quell vun Akommes a si schaaft Aarbechtsplazen.

An dëser Perspektiv verfollegt d'Konventioun en duebelt Zil: Engersäits geet et drëm, d'Politik vun Schutz vun eise architektonesche Patrimoine ze verstärken an ze promovéieren, anersäits heescht et och, d'Solidaritéit tëschent den europäesche Länner am Domän vum Denkmalschutz ze bestätegen a sech iwwer essenziell Orientatiounen vun enger gemeinsamer Politik eens ze ginn, déi de Schutz an d'Valorisatioun vum architektonesche Patrimoine garantéiert.

Ënnert dem architektonesche Patrimoine versteet den Europarat Monumenter, also all bemierkenswäert Realisatiounen, awer och architektonesche Ensembles, also homogen, urban oder ländlech Konstruktiounen souwéi och charakteristeschen an homogen Sitten, déi en historeschen, archäologeschen, artisteschen, wëssenschaftlechen, sozialen an techneschen Intérêt hunn.

Wat den Inhalt vun der Konventioun ugeet, esou muss een tëschent zwee Deeler ënnerscheiden: Eng éischt Partie handelt iwwert d'Schutzmechanismen an d'Politicken, déi a Bewegung gesat mussen ginn, wéi zum Beispill d'Verpflichtung vun de Memberstaten, fir en Inventaire opzestellen, e Schutz- an Autorisationsregimm virzegesinn a Sanktiounen fir de Fall, wou d'Gesetzgebung, déi den architektonesche Patrimoine schützen soll, net respektéiert gëtt. Et gëtt och derfir gesuergt, datt de Schutz vum architektonesche Patrimoine méi staark an d'Landesplanung agebonne gëtt.

An enger zweeter Partie gëtt op den Informationsaustausch op europäeschem Plang insistéiert souwéi och op d'Sensibiliséierung vun der Effentlechkeet fir den architektonesche Patrimoine, an dat ab dem Primärschoulalter.

Fir nach méi prezis ze ginn, sief gesot, datt dës Konventioun folgend Theme behandelt, an zwar: d'Definitioun vum architektonesche Patrimoine, d'Identifikatioun vun de Kulturgidder, déi et ze schützen géllt, déi legal Schutzprozeduren, komplementar Moosnamen, Sanktiounen, Politik am Beräich vun der Konservatioun, Participatioun a Vereenegungen, Informatioun a Formatioun.

Kuerz gesot: D'Granada-Konventioun huet als ieweschst Prioritéit, d'baugeschichtlech Ierfschaft an Europa ze erhalen, d'Effentlechkeet derfir ze sensibiliséieren an dat kulturellt Bewosstsinn ze stäerken. Dës geschitt jo schonn zum Deel duerch déi alljärelech Journée du patrimoine.

D'Partner vun dëser Konventioun verflachte sech also net nëmmen, fir ze verhënnern, datt geschützte Gidder beschiedegt oder zerstéiert ginn, mä si suergen zum Beispill och proaktiv derfir, géint déi schiedlech Auswierkunge vun der Loftverschmutzung ze handelen oder och nach Beruffer, déi un der Erhaltung vun onsem Patrimoine bedeelegt sinn, ze férdere.

Während de parlamentareschen Aarbechte gouf preziséiert, datt dat aktuell Gesetz vum 18. Juli 1983 iwwert d'Konservéierung an de Schutz vun de Sites et monuments nationaux net d'Verpflichtung vun der Opstellung vun engem Inventaire verlaangt. Trotzdem ass awer an Zesummenaarbecht mat de Gemengen eng éischt Lëscht opgestallt ginn, dës am Kader vun der Ausaarbechtung vun den allgemenge Bebauungspläng.

Et ass dat awer kee wëssenschaftlechen Inventaire. Vill Gemenge goufen emol net komplett gekuckt. Dofir ass den Term „Inventaire“ hei net ideal. Bei den Assises du patrimoine goufen dës Lëschten iwwregens „Google Street View-Lëschten“ genannt. Eis däitsch Nopere nennen dat „Schnellerfassungslisten“ oder och nach „Erstsichtung“.

Et ass iwwregens och virgesinn, datt de spéidere Gesetzesprojet iwwert de Patrimoine culturel de Kritären, déi erfuerdert sinn, fir déi sougenannt Immeubles dignes de protection ze repéréieren, eng gesetzlech Assise soll ginn.

Här President, komme mer dann elo zum Avis vum Statsrot. De Statsrot ënnersträicht a sengem Avis vum 10. November 2015, datt Lëtzebuerg sech eng adequat Protektioun vu sengem architektonesche Patrimoine muss ginn. Dofir kann de Statsrot deemem Projet nëmme bäiflichten.

Déi héich Kierperschaft notéiert awer, datt d'Konventioun deelweis vill méi wäit geet wéi d'Gesetz vum 18. Juli 1983 iwwert d'Konservatioun an de Schutz vun de Sites et monuments nationaux, zum Beispill beim Inventaire oder bei der europäescher Zesummenaarbecht. Fir dësen Exigence vun der Konventioun Rechnung ze droen, ass de Statsrot der Meenung, datt d'Reform vum Gesetz vum 18. Juli 1983 esou komplett muss sinn, datt si e wirkleche Schutz vun architektonesche Patrimoine hei zu Lëtzebuerg erlaabt.

Fir de Rescht huet de Statsrot och nach bedauert, datt et esou laang gedauert huet, ier dës international Konventioun hei zu Lëtzebuerg ratifizéiert konnt ginn. Ech war bis op den Internetsite vum Conseil de l'Europe luusen. Effektiv, quasi all Memberstate vum Europarat hunn dës Konventioun ratifizéiert, ausser Albanien, Éisträich, Island, Monaco, San Marino a Lëtzebuerg. Kee Wonner, datt sech gefrot gouf, wat eigentlech d'Ursaache waren, firwat dës Ratifizéierung duerch eist Parlament esou laang op sech waarde gelooss huet. Eng Ursaach war sécher déi, datt d'Konventioun deemools zu engem Zäitpunkt ënnerschriwwen gouf, wou mir just en neit Gesetz kritt haten, nämlech am Juli 1983.

Wéi awer de 5. Oktober 2000, also viru méi wéi 15 Joer, en neie Gesetzesprojet iwwert d'Konservéierung an de Schutz vun de Sites et monuments déposéiert gouf, war d'Ratifizéierung vun der Granada-Konventioun net virgesinn. De Statsrot hat schonn am Mäerz 2005 an engem änleche Kontext, hei gong et ëm eng Unesco-Konventioun, drop verweisen, datt Lëtzebuerg zimlech lues an der Ratifizéierung vun esou Texter ass. De Statsrot schwätzt vun „lenteur“ a vun engem „manque de sentiment d'être concerné“.

Här President, esou wäit also fir mäi mëndleche Rapport. Fir weider Detailer verweisen ech op mäi schrëftleche Bericht. Ech wëll wirklech alle Membere vun der Kommissioun häerzlech Merci soe fir déi konstruktiv Mataarbecht. Merci och de Verrieder vum Kulturministère a vu Sites et Monuments nationaux fir hir Explikatiounen an der Kommissioun. A Merci den Damme Closer an Hengen fir hir redaktionell Begleedung.

Dës gesot, ginn ech dann elo schonn den Accord vu menger Fraktioun a soe Merci fir Är grouss Opmierksamkeet hei am Plenum.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Rapporteur. An d'Wuert huet elo direkt d'Madamm Octavie Modert.

Discussion générale

► **Mme Octavie Modert (CSV).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Rap-

porteur huet ganz flott d'Wichtigkeet vum Denkmalschutz duergestallt, an ech ka mech deem nëmme ralliieren. Duerfir just fir mech zwee, dräi Punkten nach fir erauszestrichen.

De Rapporteur huet och gesot gehat, firwat et esou laang gedauert gehat hätt, bis dës Konventioun ratifizéiert ginn ass. Och de Statsrot huet en an deem Kontext ernimmt, deem 2005 eppes doriwwer gesot huet. Ech muss soen, ech fannen et schéin, datt de Statsrot esou positiv derzou steet mat all den Obligatiounen, déi am Fong an där Konventioun drastinn, well soss war dat beim Statsrot éischter de Géigendeel, besonnesch wat den Denkmalschutz ubelaangt. Da si mer jo frou, datt en op eng aner Schinn eriwergaangen ass.

De Rapporteur huet och e puer Ursaache scho genannt - se stinn och am Exposé des motifs -, firwat méi spéit ratifizéiert ginn ass. Doriwwer eraus wollt ech awer och nach e puer aner Saache soen:

Ech mengen, wann een eng Konventioun ratifizéiert, ass et wichteg, datt ee sech och d'Instrumenter gëtt, fir esou Konventiounen mat Liewen ze fëllen. Dacks ginn der ugehall, se ginn och herno iergendwou am Mémorial publizéiert an da sti se do a se bleiwe lettre morte. An ech hu fonnt, datt dat net déi richteg Aart a Weis ass; mir sollen ëmgedréit fueren, fir datt hinnen dann och ka Liewen agehaucht ginn, well soss ass dat Ganz just e Formakt oder, aneschtens gesot, dann ass d'Ratifizéierung am Fong fir d'Kaz. Dann ass et just Façadismus - fir hei am Jargon ze bleiwe vun dem Thema vum Gesetz -, an nëmme fir d'Fassad. Dann ass awer d'Ratifizéierung oneffektiv.

Duerfir hunn ech fir d'Éischt emol no den Instrumenter kucke wëllen. An do wëll ech véier Saache just kuerz ernimmen:

Déi Zäit, wou ech Minister war, ass mat de Begehungen ugefaange ginn zesumme mat de Gemengen; de Rapporteur huet dat och ernimmt gehat. An domadder si mer ewechkomm vun dem leschte Stéppel hin zu enger anerer Approche, enger A-priori-Approche, wat vill méi richteg ass, fannen ech, a vill méi néideg ass, datt een dat vu vir erof amplatz a posterioi ka maachen. Dat heescht, mat de Begehungen ass eigentlech de Repérage elo do, an den Inventaire kann dann definitiv gemaach ginn. Et ass richteg, et geet net duer; och dat huet de Rapporteur gesot.

Eng zweet Saach. Déi Zäit, wou ech Kulturminister war, ass bal e Véirel vun alle Protektiounen gemaach ginn, déi an 80 Joer hei am Land zustane komm sinn.

Déi drëtt Bemierkung, déi ech maache wollt, ass, datt mer zu menger Zäit d'Journée du patrimoine erfollegräich zu engem flotten a gutt bemierkte Sensibiliséierungsinstrument ausgebaut hunn.

An dann hunn ech schliisslech d'Etüd an Opdrag ginn iwwert den Denkmalschutz, iwwert den Droit du patrimoine culturel, deem d'Madamm Nagel eis 2014, viru knapp zwee Joer, an d'Chamber virstelle komm ass, soudatt elo d'Instrumenter bestinn, fir an dat neit Denkmalschutzgesetz anzeschreiwen a fir d'Konventioun vu Granada ausféieren ze kënnen.

Bestëmmt seet eis den Här Statssekretär herno, wou d'Aarbechten dru si fir dat neit Denkmalschutzgesetz. An et wär och interessant, wann en eis vläicht soe kéint, wéi vill Objeten am Denkmalschutz an de leschten zwee Joer protegéiert oder klasséiert konnte ginn.

Villmools Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci der Madamm Modert. An nächste Riedner ass den Här Franz Fayot.

► **M. Franz Fayot (LSAP).** - Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, léif Membere vun der Regierung, ech fänken u mat engem Zitat aus dem François Desseilles sengem Rapport vun 2013, wou e schreift a senger Konklusioun zum éischten Deel - an ech zitieren en: «D'aucuns affirment que la protection du patrimoine culturel n'a pas été, pendant très longtemps, un sujet de préoccupation ni pour le public en majorité, ni pour les instances politiques. Pourtant, malgré la taille réduite du territoire ainsi que l'histoire et les conditions de vie modestes dans un passé récent, nombre de vestiges du passé, lointain ou récent sont dignes d'intérêt et donc de protection.»

An zum Schluss vu senger Konklusioun schreift e Folgendes: «La législation luxembourgeoise relative à la protection, à la conservation et au financement du patrimoine culturel n'est ni actualisée, ni novatrice. La législation a stagné, faute de s'être inspirée de l'actuelle philosophie de la conservation contenue dans les textes internationaux de référence tels que la convention de Grenade (1985) ou la convention de La Valette (1992).»

Här President, haut setze mer, haut approuvéiere mer also déi Granada-Konventioun vun 1985 a mir huelen e seriöse Retard op an eiser Legislatioun iwwert den Denkmalschutz. An dat begrësse mer ausdrécklech.

Mä fir dass mer den Denkmalschutz zu Lëtzebuerg och endlech seriö huelen, mussen mer eis och un déi international Konventioun halen. An dofir mussen mer och endlech eist Gesetz iwwert den Denkmalschutz vun 1983 reforméieren.

Mir sinn an der Kommissioun zesumme mat de Leit aus dem Kulturministère duerch déi Konventioun gaangen a mir hu gekuckt, op wat fir enge Punkten eis Legislatioun elo schonn en Conformitéit ass an op wat fir enge Punkte muss nogebessert ginn. An dunn hu mer festgestallt, dass do eng Partie wichteg Punkte sinn, wou mer nach net konform sinn. Dat ass engersäits d'Qualité de l'environnement rond-rëm d'Sitten, d'architekturel Sitten, mä et ass awer och d'Prise en compte an der Politique d'aménagement du territoire. Et ass d'Inventoriéierung, déi nach net esou ass, wéi se sollt sinn. An et ass och um Niveau vun der Kooperatioun, wou nach munches muss gemaach ginn.

Virun e bësse méi wéi sechs Méint, am Juli d'lescht Joer, wéi mer d'Debatt hei haten iwwert den Denkmalschutz, ware mer eis, mengen ech, hei am Sall all eens, dass mer dem Denkmalschutz misste méi en héije Stellewäert ginn. Ech mengen, iwwert dee Constat war jiddweree sech eens. Et gëtt elo schonn zënter méi wéi 15 Joer un där Reform geschafft a si muss elo endlech kommen! Si muss kommen am Sënn vun eise Patrimoine culturel, vun eise Patrimoine architectural, deem ëmmer manner gëtt, a fir dee Patrimoine kënnen besser ze schützen an och eng besser Rechtssécherheet ze schafen.

Déi Konventioun, déi mer haut hei ratifizéieren, wäert dozou bäidroen, well se ënner anere Patrimoine architectural méi breed definiert, andeems se zum Beispill och d'Notioun vun den „ensembles architecturaux“ abegraift.

Här President, léif Kolleeginnen, léif Kolleegen, d'Madamm Nagel huet am Juli d'lescht Joer hei gesot, dass se géif un deem Gesetzesprojet schaffen. An ech wär frou dofir, wann den Här Statssekretär géif a senger Interventioun eis soen, wou e mat deem Projet drun ass a wéini mer dee Projet kënnen hei an der Chamber déposéiert kréien a wéini mer kënnen ufänken ze diskutéieren. Ech mengen - nach eng Keier -, dass et wichteg wär, och am Sënn vun engem Seröhuele vun deene Saachen, déi an där Granada-Konventioun do stinn, dass mer dat schnell kënnen op de Leescht huelen.

Ee vun deene wichtege Punkten an där Konventioun an och an deem Inventaire, dee soll gemaach ginn, ass, dass mer sollen e wëssenschaftlechen Inventaire maachen. Wëssenschaftlech, dat heescht no objektive Kritären. Dat hëlleft eis, déi schützenswäert Bauten ze identifizéieren a schaaft Rechtssécherheet. An domat entschäerfe mer och verschidde polemesch Diskussiounen, déi des Efteren opkommen, wann driwwer geschwat gëtt, wat soll erhalte bleiwen a wat net, well déi Diskussiounen ze vill oft op enger reng esthetescher Considéeratioun berouen.

Här President, ech kommen zum Schluss. Mir sinn och der Iwwerzeugung, dass an deem Inventaire, deem nationalen Inventaire, dee mer maachen, eng Top-down-Approche soll applizéiert ginn. Dat ass aus den Assises du patrimoine culturel erauskomm. Dat ass och deslescht hei bei der Debatt iwwert den Denkmalschutz esou, mengen ech, allgemeng unerkannt ginn.

E leschte Punkt, dee mer begrëssen an dëser Konventioun, ass, dass nieft der Koordination vun den Denkmalschutzpoliticken um europäesche Plang och d'Sensibiliséierung vun der Effentlechkeet am Mëttelpunkt steet. Dat ass fir eis e fundamentale Punkt. D'LSAP ass der Meenung, dass, wéi d'Konventioun dat virschléit, och an der Schoul op de Patrimoine culturel opmierksam gemaach soll ginn. Mir sensibiliséieren d'Kanner op vill aner Beräicher, wéi zum Beispill den Naturschutz, a mir sollen dat och, mengen ech, ganz seriö ufänken ze maachen, wat den Denkmalschutz ugeet.

Wa mer ufänken, dat ze maachen - vill ze spéit, mä trotzdem -, kënnen mer déi nächst Generatioun och vläicht endlech op de Stellewäert vum Denkmalschutz sensibiliséieren.

Dës gesot, Här President, géif ech dem Rapporteur André Bauler nach gär Merci soe fir säi gudden Rapport. An ech géif natierlech gären



den Accord vun der LSAP zu dësem Projet abréngen.

Ech entschëllege mech fir de Retard an ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Da sidd Der eis fir d'nächst Kéier eng Minutt schëlleg! Nächst Riedner ass den Här Claude Adam. An ech géif nach eng Kéier d'Kollegen awer bieden, sech un d'Riedezäiten ze halen.

► **M. Claude Adam (déi gréng).** - Här President, ech wëll mech kuerzfaassen. Ech wäert meng fënnf Minutten net brauchen. Den honorabele Rapporteur, den Här Bauler, huet gesot, datt mer an der Stad eng Goethe-Stuff hätten, wou mer zënter 1995 elsässesch Spezialitéiten..., ech weess net, ob en an deen Detail agaangen ass, mä wou...

(Interruption par M. André Bauler)

...et awer och eng Plaquette... Gelift?

(Interruption par M. André Bauler)

Gesitt Der emol! Här Bauler, dat ass dat Een-zegt, wou ech lech am Fong geholl nach wollt ergänzen: Duerch meng gutt Relatioun mam Office du Tourisme vun der Stad weess ech, datt et och net nëmmen eng Goethe-Stuff gëtt, mä et gëtt och e Goethe-Tour, wou ee kann duerch d'Stad goen. An niewent dem Goethe-Tour gëtt et och nach e Goethe-Gedenksteen, deen 1935 vun der ASSOSS um Bockfiels am Clausener Bierg opgeriicht ginn ass. An dat Denkmal soll och un den Openthalt vum groussen däitschen Dichter 1792 bei eis erënneren.

Fir de Rescht, muss ech soen, war den Här Rapporteur a sengen Ausféierunge ganz, ganz ausféierlech a prezis. An ech hunn deem och näischt méi derbäizefügen. An och déi verschidde Riedner virdrun hunn drop higewisen, datt een de Stellwäert vum Denkmalschutz, vum Schutz vum architektonesche Patrimoine net kann héich genuch stellen. Ech schlësse mech deenen un. Ech si frou, datt mer endlech déi Konventioun vu Grenade, déi jo awer schliisslech schonn eng ganz Rei Joren am Tirang läit, dann haut ratifizéieren, an dofir bréngen ech den Accord vun der grénge Fraktioun an ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Adam. An d'Wuert huet elo den Här Fernand Kartheiser.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Hei ass nach e Bic, entschëllegt, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Gitt mir deen!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Voilà!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Ech brauch der ëmmer. Merci!

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, vun eiser Säit aus och e ganz grouse Merci un den Här Bauler fir dee flotte Rapport, deen erëm eng Kéier gewisen huet, wéi doheem en ass a ville kulturellen Domänen.

Vun eis ass eigentlech och net vill derbäize-soen, wat d'Theorie ugeet. Wat d'Praxis awer ugeet vun dësem Gesetz, hu mer awer eng ganz Rei konkret Froen.

An et wär eng éischt Feststellung, fir emol ze gesinn: Wann hei de Service des Sites et Monuments haaptsächlech eng Rei nei Aufgabe kritt - ech wor elo nach just op hire Sitt kucken -, do schaffe keng 20 Leit! Dat heescht, eng éischt Fro ass: Mat all deenen neien Aufgaben, déi elo kommen, muss een awer net drun denken, fir iergendwéini d'Gréisst vun deem Service unzepassen un all déi Aufgaben, déi och d'Randifikatioun vu Kulturkonventiounen mat sech bréngt?

Ech ginn e Beispill: An dëser Konventioun steet zum Beispill, datt mer international Zesummenaarbecht musse verstärken. Um Inventaire oder deem Annuaire vum Service des Sites et Monuments ass net een Eenzege beoptragt, fir sech elo ëm international Froen ze këmmern. Et muss een also unhuelen, datt den Direkter dat muss mat maachen.

Oder eng zweet Fro, dat ass dee Service éducatif vum Service des Sites et Monuments. Dee steet schonn am Kulturinstitutsgesetz, mengen ech, vun 2004, wann ech mech gutt erënneren, ass awer ni ëmgesat ginn. Et wär awer gutt, wann de Service des Sites et Monuments e Service éducatif hätt, well jo och do an deem Beräich d'Sensibiliséierung vun deene ganz Jonke wichteg ass.

Dann ass an deem Gesetz déi Iddi vun engem Inventaire bruecht. Dat ass sécher gutt, mir hu schonn e puermol hei doriwwer geschwat. Mä amplaz dat vun e puer Beamte maachen ze loosse, vläicht nëmme vun engem Beamten, wär et awer vläicht och eng Iddi, fir an all Uertschaft déi unzeschwätzen, déi wierklech no dru sinn, déi wëssen, wat an den Uertschaften muss geschützt sinn, wéi d'Geschichtsfrennveräiner, déi lokal Associatiounen, d'Lokalauteit, déi, déi sech këmmern, a fir déi ze froen, emol eranzeginn, wat si mengen, wat schützenswäert wär.

Eigentlech bräicht de Service des Sites et Monuments just e Formular auszeschaffen, no Richtlinnen d'Leit ze brieden, d'Gemengen ze brieden, Associatiounen ze brieden, wéi se dat solle maachen. An da géif dat och ganz séier goen, well mir hu schonn esou vill Zäit verluer an et ass sécher keen erfollegversprechend Rezept, fir elo een oder zweet Leit iwwer Joren duerch d'Land ze schécken, wat mer dat op eng aner Manéier vill méi séier kéinte maachen.

Dann ass nach een Aspect, deen och an der Aktualitéit direkt ass, dat ass dee vun der Steuerreform. Mir waarden, ongedëlleg a voller Virfreed, op déi Propositionen vun der Regierung, fir eng Steuerreform hei am Land duerchzuféieren. Am Beräich vun der Kultur hu mer awer e puer Lacunen, iwwert déi mer hei schonn e puermol geschwat hunn. Dat eent ass de Sponsoring. An och an d'r Konventioun, déi mer haut ratifizéieren, steet do, datt d'Mesures fiscales kënnen geholl ginn, zum Beispill fir Restauratiounsmoosnamen dann ze féieren.

Firwat, also ech huelen emol un, mä ass et dann net méiglech, datt d'Regierung elo an hire Propositionen zur Steuerreform direkt och Méiglechkeete mat abaut am Beräich vum Sponsoring, am Beräich hei vun der Restauratioun vun Denkmäler, fir d'Leit ze ënnerstëtzen, déi dat wëlle maache bei sech doheem, fir déi och da steierlech dann ze ënnerstëtzen, well d'Konventioun et hei virgesäit a well d'Aktualitéit dat géif hierginn?

An dann ass och rieds an dëser Konventioun, déi mer haut ratifizéieren, vu méigleche Sanktiounen. Dohier meng Fro och un d'Regierung: Wa mer elo d'Legislatioun...

(Brouhaha)

Kann ech...? Gutt! Ech wëll just sécher sinn, datt d'Regierung nolauschert, net datt ech lech stéieren.

(Brouhaha et interruption par M. Guy Arendt)

Gelift, Här Statssekretär?

(Interruption par M. Guy Arendt)

Ech wollt also just nach nofroen. Vu datt déi Konventioun hei d'Afëiere vu Sanktiounen virgesäit, wollt ech also elo froen: An eiser Kulturgesetzgebung, déi an der nächster Zäit gemaach gëtt, ass dat da virgesinn? A wat sinn d'Intentiounen vun der Regierung, fir déi Obligatioun dann ze erfëllen, déi mer hei virgesinn?

Et sinn also vun eiser Säit aus eng ganz Rei konkret Froen, déi sech stellen, fir eben dee Schutz vun eise Kulturgidder, vun eisen Denkmäler ze féieren. An ech mengen, an der Theorie, wéi scho meng Virriedner et gesot hunn, si mer eis effektiv all eens, datt dat wichteg ass. Mä et ass elo an der Praxis, wou sech dat och muss beweisen! D'Regierung huet eng Chance, dat ze maachen. Mir biede se: Huel dat wouer a macht et!

Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. Den Här Wolter huet d'Wuert.

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Här President, just e puer Wieder, well den Här Rapporteur gesot huet, datt am Kader vun der Prozedur vun den Opstellungen vun de PAGen eng sougenannt „Erstsichtung“ géif gemaach ginn, fir ze kucken, wat fir eng Haiser an deenen eenzelne Gemenge schützenswäert wäeren oder net. Abee, ech kann lech emol erzielen, wéi déi Erstsichtung zu Lëtzebuerg zurzäit stattfënn.

Dat ass esou, dat ass e Büro, dee mir därefe bezuelen, dee leeft duerch d'Gemeng, dee mécht Fotoe vun Haiser, déi en interesséieren, an déi kréie mir als Gemeng dann esou als Bündel dohinner geluecht an da gëtt gesot: „Elo musst Dir, am Kader vun Ärem PAG, Stärecher verdeelen.“ An da soe mir: „Wéi musse mer dann déi Stärecher verdeelen?“ Da gëtt gesot: „Ma Dir musst déi Lëscht do huelen, well déi Lëscht, do sinn all déi Haiser drop, déi schützenswäert sinn.“ Da soe mir: „Wou sinn dann d'Kritären, no deenen déi Lëscht do opgestallt gëtt?“ Da gëtt gesot: „Ah, déi maache mir net, déi maacht Dir als Gemeng. Dir sidd responsabel dofir, wat fir eng Haiser Der op d'Lëscht setzt. Mir net!“

Da soe mir: „Mä lauschtert, da wëlle mer awer wesentlech manner Haiser op d'Lëscht setzen, well mer net bei all Haus, wat mer do vun deem Büro kruten, den Intérêt gesinn, fir et dann ze klasséieren.“ Da gëtt gesot: „Jo, dat interesséiert eis net, well et ass Är Responsabilitéit als Gemeng, fir dat ze maachen. A wann Der et awer net esou macht, wéi mir et gären hätten, da maache mir alles, fir dass Äre PAG net akzeptéiert gëtt!“

Da gi mer hin, datt mer net domadder d'accord sinn, Här Statsminister... Här Statssekretär, ech kann lech alles dozou... Wierklech, et ass dee Punkt, dee bei eis am Gemengerot am häertesten diskutéiert ginn ass an der ganzer PAGs-Diskussioun, well et en ongeheierlechen Agrëff an d'Propriétéitsverhältnisse vun de Leit gëtt. Wann een ouni Kritären ze etabléieren, einfach op eng „de visu Visitt“, wou een duerch d'Gemeng geet, zu enger Gemeng seet: „Mir hätte gären, dass Dir déi Haiser klasséiert“, da soe mir: „Mir sinn net domadder d'accord!“

A wësst Der, wat engem da geschitt? An dat wëll ech alle Kollege Buergermeeschtere soen: Um Enn vun der Prozedur, nodeem mer du gesot hunn, mir géifen dat klasséieren, mir géifen eng Prozedur virgesinn, wou mer en Avis bei Sites et Monuments froen - an no der Prozedur muss de Buergermeeschter selbstverständlech seng Responsabilitéit huelen -, kréie mer dann en dernière instance vum Innenminister um Enn vun der Prozedur, nodeem d'Leit kee Recht méi hunn, fir sech dergéint ze wieren, den Artikel 20 vun eisem Reglement iwwert de PAG ëmformuléiert. Ëmformuléiert!

An ech liesen lech dat vir: «Ces bâtiments», also Bâtiments, fir déi et keng Kritäre ginn, déi einfach opgrond vu Fotoe klasséiert ginn, «Ces bâtiments ne pourront, en principe, en ce qui concerne leur aspect extérieur, subir aucune modification, transformation ou agrandissement qui serait susceptible de porter préjudice à leur intérêt historique, artistique, architectural» - an elo lauschtert no! - «ou esthétique. De telles altérations sont cependant permises au cas où elles ne portent pas préjudice aux composantes remarquables qui caractérisent la substance bâtie qui fait l'objet de la protection communale.»

An da kënn d'Definitioun vun deem, wat verstanen gëtt ënnert de «Composantes remarquables». Dat sinn, Dir Dammen an Dir Hären - nun haalt lech un! -: «le rythme entre pleins et vides; les formes et les éléments de toiture; la dimension, la forme et la position des baies; les modénatures», wat och ëmmer dat ass, «les éléments de décoration qui caractérisent ledit bâtiment; les matériaux utilisés traditionnellement» an «les teintes et revêtements traditionnels.»

Dat ass bei eis ouni Argumentatioun, ouni dass een individuell dem Propriétaire ka soen: „Däin Haus ass klasséiert opgrond vun deenen dote Kritären, dat ass dat, wat wichteg ass, et ass deen Aspect, et ass deen Aspect, et ass deen Aspect“ -, dat, wat d'Regierung eis an eise PAG (veuillez lire: an eise PAG geschriwwen huet), dat ass Force elo an der Gemeng Käerjeng, wéi mir eigentlech mat där Saach do mussen ëmgoen.

Ech muss lech soen, Här Statssekretär: Ech weess als Buergermeeschter net, wéi ech dat dote soll maachen!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Wolter, Är Riedezäit ass längst...

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Entschëllegt, ech halen op. Ech halen op, ech hat gemengt, et wär interessant, well den Här Bauler dat ugeschwat huet.

Ech soen lech, Här President vun der Chamber: Ech weess net, wat ech soll maachen! An ech hoffen, datt d'Bierger bei eis an der Gemeng op den Tribunal administratif ginn, fir klären ze loosse vum Geriicht, ob dat heiten eng normal Aart a Weis ass, wéi ee mat de Leit an dësem Land ëmgeet.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Wolter. Et ass selbstverständlech interessant. Mä wann ech deen ee Riedner mam Ouer huele wëinst Iwwerzéie vun enger Minutt, da muss ech deem anere fir zwou-anenghallef Minutten zumindest datselwecht soen. Mä, bon, Dir wësst, dass ech zimlech kulant si mat der Riedezäit. Mä ech mengen, et muss ee sech awer un eng Rei vu Spillregelen halen. Domat huet d'Regierung d'Wuert.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Guy Arendt, Secrétaire d'État à la Culture.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Här Deputéierten, ech wëllt fir d'Alleréischend dem Rapporteur, dem André Bauler, Merci soe fir säi Rapport an all de Virriedner fir hir Observatiou-

nen. Selbstverständlech wäert ech déi Observatioun vun Här Wolter och zur Kenntnis huelen an ech wäert och duerno kucken. Vläch kënne mer eng Kéier driwwer diskutéieren.

Dëse Projet de loi huet als Zil, wéi et scho gesot ginn ass, d'Convention pour la sauvegarde du patrimoine architectural de l'Europe vun 1985, kuerz Granada-Konventioun, guttzeheeschen. Dës Konventioun, déi vum Conseil de l'Europe ausgeschafft gouf an déi Lëtzebuerg schonns 1987 ënnerschiwwen huet, gouf awer ni bis elo ratifizéiert.

Nodeems mir d'Gesetz iwwert d'Approbatioun vun der Unesco-Konventioun iwwert den illegalen Handel mat de Kulturgidder vun 1970 gestëmmt hunn, ass also elo och deen heite Projet de loi Deel vun den Efforte vun der aktueller Regierung, fir de Retard vu Lëtzebuerg bei internationale Konventiounen opzehuelen. An ech kommen dorobber nach e bësse méi spéit zréck.

Heimadder, mat dësem Projet setzt Lëtzebuerg um internationale Plang e Signal, datt et sech a Saachen Denkmalschutz wëllt en adequate legale Kader ginn a sech den europäeschen an internationale Standarde wëllt upassen, an dëst souwuel wat de Patrimoine mobilier wéi och de Patrimoine architectural ugeet.

Wat de Contenu vun der Granada-Konventioun ugeet, huet dës als Objektiv d'Sauvegarde vum Patrimoine architectural an ass an zwee Voleten agedeelt - de Rapporteur ass och schonn drop agaangen -, ee Volet iwwert d'Protektioun vum Patrimoine architectural mat enger Definitioun, wat ënnert deem Term ze verstoen ass, an der Obligatioun, fir déi schützenswäert Gebailechkeeten an engem Inventaire ze identifizéieren, a legal Prozedure fir de Schutz vun dem Patrimoine architectural: Dispositiounen iwwert déi finanziell Ënnerstëtzung fir d'Conservatioun an d'Renovatioun vu schützenswäert Gebailechkeeten; d'Obligatioun, fir Sanktiounen fir déi verschidden Dispositiounen virzegesinn; d'Obligatioun, eng Politique de conservation intégrée anzeféieren, dat heescht, de Schutz vum Patrimoine architectural als Objektiv vum Aménagement du territoire a vum Urbanismus ze platzéieren; d'Ouverture vum de geschützte Gebailechkeeten fir de Public a Formatioun a Participatioun vun der Société civile un der Conservatioun vum Patrimoine architectural.

Den zweete Volet geet iwwert déi europäesch Koordinatioun vun de Politiques de conservation. Och wa mir an eiser nationaler Gesetzgebung schonns eng Rei Dispositiounen hunn iwwert den Denkmalschutz, an dëst notament am Gesetz vun 1983, ass et wichteg, dës Granada-Konventioun endlech ze ratifizéieren, fir esou wichteg Notiounen aus der Konventioun, déi et nach net esou an eiser Gesetzgebung ginn, anzeféieren.

Et handelt sech hei, ënner anerem, ëm d'Definitioun, wat fir eng Gebailechkeete schützenswäert sinn. A mir hunn aktuell keng legal Definitioun vum Patrimoine architectural. Ënnert dësem Term englobéiert d'Granada-Konventioun net nëmmen d'Monuments a Sites, mä och, et ass scho gesot ginn, d'Ensembles architecturaux, déi als e Groupement homogène et cohérent vu Gebaier bezeecht ginn an esou nach net an eiser Gesetzgebung virkommen. Dëst ass eng wichteg Avancée fir de Schutz vun e puer Gebaier, déi eben en Ensemble bilden.

Zweetens, d'Obligatioun, fir en Inventaire vun alle schützenswäert Gebaier auszeschaffen. Dëst ass sécherlech eng vun de wichtigsten Obligatiounen vun der Konventioun. Aktuell ass hei am Land eng grouss Viraarbecht am Kader vun der Ausschaffung vun de PAGe gemaach ginn, wou déi lokal schützenswäert Gebaier an Zesummenaarbecht tëschent dem Service des Sites et Monuments Nationaux an de Gemenge répertoriéiert gi sinn.

► **M. Michel Wolter (CSV).** - Wann et esou wier!

► **M. Guy Arendt, Secrétaire d'État à la Culture.** - Wiederhi gëtt et och d'Lëscht mat all den national geschützten, de klasséierten oder um Inventaire supplémentaire opgefouerte Gebaier, déi zu all Moment um Internetsite vu Sites et Monuments kann agesi ginn. Mä den Inventaire, wéi e vun der Granada-Konventioun virgesinn ass, geet méi wäit, andeems een unhand vun enger wëssenschaftlecher Dokumentatioun landeswäit all schützenswäert Gebaier englobéiert, déi also nach net national oder kommunal geschützt sinn, an déi, déi nach solle geschützt ginn.

Den Inventaire soll och dem Public zougänglech sinn an esou de privaten oder effentleche Promoteuren et erméiglechen, en amont vun hirem Bauprojet dësen Inventaire ze ënnersichen an ze kontrolléieren, ob e Gebai national respektiv kommunal geschützt ass oder einfach schützenswäert ass.

Am Fall vun engem schützenswäert Gebai kann d'Procédure de protection, dat heescht



de Klassement oder d'Inscription sur l'inventaire supplémentaire matzäiten ageleet ginn an net ewei am Moment, wou allze oft dës Procédure an der Urgence erfollegt, zu engem Zäitpunkt, wou de Bauprojet scho wäit fortgeschratt ass. Dës Mise sous protection an der Urgence bréngt Käschte mat sech, well den initiale Projet zu engem spéiden Zäitpunkt modifizéiert muss ginn.

Weiderhi kéint d'Procédure de protection och méi séier ageleet gi wéi bis elo, well den Inventaire déi entspreichend Dokumentatioun zur Protektioun scho géif abegraifen. Den Inventaire géif also op där enger Säit eng Rechtssécherheet ewei och eng Prévisibilitéit fir Bauprojekte vun all de Promoteure schafen, an op där anerer Säit géif dat dem Stat erlaben, net méi müssen aus der Urgence eraus ze schéissen.

Eng weider wichteg Notioun aus der Granada-Konventioun, déi mir nach net an eiser Legislatioun hei an eisem Land hunn, dat ass den Term vun der „Conservation intégrée“, déi, wéi schonns gesot, bedeit, de Schutz vum Patrimoine architectural als Objektiv och vum Aménagement du territoire a vum Urbanismus anzeféieren. Dëst heescht, dass den Denkmalschutz souwuel bei dem Ausschaffe vun de PAGen en compte geholl gëtt, an aktuell hunn 19 vun 21 Gemengen, déi entweder de PAG schonns geännert hunn oder wou bekannt ass, wat vu Schutz fir de Patrimoine a Fro kënnt, eng gutt Aarbecht geleescht. Domat sinn déi Gebaier, déi vu lokaler Wichtegkeet sinn, awer net solle Monument national ginn, geschützt. Esou ass en Zil vun der Conservation intégrée schonn erreecht ginn.

Weider wäert d' Ratifikatioun vun dëser Konventioun et erlaben, déi europäesch Kooperatioun a Saachen Denkmalschutz an och d'Sensibilisation vum Public op d'Fro vum Denkmalschutz nach ze verstärken. An do sinn ech ganz mat dem Deputéierten d'accord, dee seet, dass ee vu Klengem u soll déi Sensibilisation maachen, well eréischt da kann een zu engem gudden Resultat kommen.

Déi nächst Schrëtt no dem Vott vun der Ratifikatioun vu Granada sinn am Fong, all dës Notiounen aus der Konventioun iwwer e Projet de loi an déi Lëtzebuurger Gesetzgebung ze integréieren. Éischt Aarbechten zu dësem Projet de loi sinn amgaangen.

Ech sinn och mam Här Fayot d'accord, fir ze soen, dass et soll schnell goen. Mä et geet net drëm, fir hei elo eppes iwwert de Knéi ze brieschen. Dofir géif ech awer soen, dass mer eis Zäit sollen huelen, fir en uerdentleche Projet auszuschaffen. Mä mir schaffen drun.

Weiderhi wäerte mir eis Efforten a Saachen Denkmalschutz och weiderféieren, andeems mer eng aner Konventioun vum Conseil de l'Europe deemnächst op den Instanzewee ginn, an zwar d'Konventioun, déi sougenannte Convention de La Valette fir d'Protection du patrimoine archéologique, déi vu Lëtzebuerg zwar schonn 1992 ënnerschrifwe gouf, mä déi mer nach net ëmgusat hunn, also ratifizéiert hunn.

Zum Schluss wëllt ech nach emol ënnersträichen, wéi wichteg et ass, datt Lëtzebuerg säi Retard opëhlt bei der Ratifikatioun vun internationalen Konventiounen an dës och an national Recht ëmsetzt, fir datt eis Legislatioun nottamment am Denkmalschutz den internationale Standarde vun eiser Zäit entsprécht.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och dem Här Statssekretär. Mir géifen dann zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6817 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6817 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen, dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

De Projet de loi 6817 ass eestëmmeg ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par M. Laurent Mosar), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes (par Mme Diane Adehm), Marc Lies, Mme Martine Mergen (par Mme Octavie Modert), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt (par M. Roger Negri), Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur,

M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusti Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox (par M. Claude Adam), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Serge Urbany (par M. David Wagner) et David Wagner.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert. Merci.

Mer kommen dann zum nächste Projet, dat ass de Projet 6641, eng Ofännerung vum Artikel 491 vum Code pénal. An de Rapporteur, den Här Alex Bodry, huet direkt d'Wuert.

5. 6641 - Projet de loi portant modification de l'article 491 du Code pénal

Rapport de la Commission juridique

► **M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Gesetzesprojet geet et ëm eng Ofännerung vum Artikel 491 vum eise Code pénal. Zechprellerei beim Tanken, dorëms geet et hei. D'Zechprellerei beim Tanken als spezifesch Delikt gëtt aus eise Strofrecht gestrach.

Dat heescht awer net, dass, wann ee Bensinn klaut, dass dat an Zukunft net méi géif ënner Strof stoen. Ganz am Géigendeel! An Zukunft gëtt d'Netbezuele beim Tanken als Déifstall ugesinn. D'Jurisprudenz zu Lëtzebuerg huet sech schonn an déi Richtung hi beweegt. Also mir sinn hei an engem classesche Vol à l'étalage oder Ladendiebstahl, wéi et an Däitschland heescht.

Een, deen tankt an net bezilt, riskéiert, an Zukunft souguer méi staark bestrooft ze gi wéi haut, geméiss dem Artikel 491 vum Code pénal iwwert d'Zechprellerei beim Tanken. Op engem Buttedéifstall steet nämlech eng Prisonsstrof vun engem Mount bis fënnf Joer an eng Geldstrof vun 251 bis 5.000 Euro. Bei der Zechprellerei, wat am Fong en Abus de confiance ass, louch déi Prisonsstrof bei aacht Deeg bis sechs Méint, d'Geldstrofe waren d'selwecht artikuliert. Et soll sech also net lounen, Tankstellen ze bestreppen! An déi stänneg steigend Zuel vu Plainté wéinst Bensinsdéifstall mécht dës Reform och néideg.

Dëst Gesetz huet awer niift deem Sträiche vun der Zechprellerei beim Tanken aus dem Artikel 491 eng Rei vun aneren Effeten. Bei Bensinsdéifstall muss net onbedéngt eng Plainte gefouert ginn, fir d'Action publique ze déclencheieren. Bei der Zechprellerei ass dat de Fall. Do gëtt eigentlech nëmmen en Dossier opgemaach vun der Police, wann eng Plainte gefouert gëtt. Beim Déifstall ass dat net onbedéngt néideg, och wann et awer de Regelfall ass.

Zweeten Effekt ass, beim Déifstall gëtt d'Action publique net gestoppt duerch en Zréckzéie vun der Plainte. Dat war eng Particularitéit am Artikel 491, dass, wann een eng Plainte gemaach huet, sech dann awer decidéiert huet, opgrond vu wat fir engen Emstänn och ëmmer, déi Plainte zréckzezéien, da war domadder och d'Action publique eriwwer. De Parquet konnt net méi agéieren an deem dote Fall. Dat huele mer eraus aus dem Code pénal fir all Forme vun Zechprellerei.

An der Zukunft gëtt och d'Justiz net méi ausgeschalt, wann d'Bensinsrechnung schlussendlech bezuelt gëtt. Dat war nämlech bis dato de Fall. Bis dato hate mer déi ganz particulière Bestëmmung, dat Ganzt geet op en Text vun Ufank den 1980er Joren zréck, dass, wann een eng Plainte gefouert huet wéinst Zechprellerei beim Tanken, an deejeinen, deen de Pompiste bestreppst huet, deen decidéiert huet, am allerleschte Moment ze bezuelen - e kéint dat souguer nach um Geriicht maachen! -, da war d'Action publique eriwwer. Eng ganz aussergewöhnlech Regel, déi mer am 491 stoen haten.

An d'Kommissioun ass iwwert dat erausgaangen, wat d'Regierung proposéiert hat, an huet am Accord mam Statsrot decidéiert, déi dote Regel erauszehuelen aus dem Code pénal am 491. Dat heescht also, och an deene reschtliche Fäll vun Zechprellerei, déi mer nach kennen, ass et net méi méiglech, dass, wann ee bezilt, dass schlussendlech dann d'Aktioun vum Parquet en Enn fënnt.

Mir mengen, dass dat do konform ass zu eisen allgemenge Regele vum Strofrecht. Déi Anomalie, déi mer also zënter Ufank 80er Jore bei der Zechprellerei haten, déi kritt heimadder en Enn!

Wat sinn déi Forme vun Zechprellerei, déi nach bleiwen; dat sollt ee vläicht och soen, déi mer also net eraushuelen aus dem Code pénal? Dat sinn déi classesch Forme beim Netbezuele vun Hotelsrechnungen a Restauranten, Caféen, och bei Taxien. Dat sinn also nach weider Forme vun Zechprellerei, déi spezifesch geaant ginn am Code pénal, déi also net ënnert den Déifstall falen, mä déi also hei eng particulière Infraktioun duerstellen. Bedruch beim Tanken ass an Zukunft en Déifstall.

Zréck vläicht zur Grivèlerie d'essence, fir awer mat e puer Zuelen ze dokumentéieren, wat d'Importenz vun där doter Form vu Strofvergoen zu Lëtzebuerg duerstellt. Do gesäit een, dass dat e bëssen esou parallel leeft, vläicht souguer nach e bësse méi schnell wéi d'Uwuesse vun de Verkeef op eisen Tankstellen.

2007, weisen d'Statistiken, vun der Justiz aus waren et 513 Protokoller, déi opgemaach si gi vum Parquet. 2011 ass déi Zuel scho praktesch verduebelt gewiescht: 1.029. An zwee Joer méi spët - dat sinn déi lescht Zuelen, iwwert déi ech verfügen, 2013 - waren et 1.182 där Procès-verballen, déi an engem Joer wéinst Zechprellerei beim Tanken opgestallt si ginn. An et kann een dovunner ausgoen, dass eng ganz Partie vun den Delikter guer net gemellt ginn ass.

Elo ass et awer interessant ze kucken: Wat ass da geschitt mat deene Protokoller, déi d'Polizei dann opgeholl huet an da weidergereecht huet un de Parquet, dee jo dann opgrond vun dem Prinzip vun der Opportunité des poursuites kann decidéieren, wat mat deene Protokoller do geschitt?

Abee, ech hu versicht, dat prozentual elo opzedelen: Ronn 40% vun deene Protokoller sinn direkt klasséiert ginn, well den Täter net ermëttelt konnt ginn. Et war also net erauszefannen, wien do gezechprellt huet.

Ronn e Véierel, 25%, si vum Parquet klasséiert gi wéinst Enjeu minime, well de Montant net héich war an de Parquet estiméiert huet, dass et besser wier, déi Affär ze klasséieren, wéi nach eng Kéier wéinst engem ganz klengen Montant eng gréisser juristeschen Prozedur unzekerbelen.

An da si mer bei ongeféier 30%, wou d'Action publique eriwwer war, well bezuelt ginn ass, wou also dee speziellen Artikel do en Effekt hat, andeems dann d'Leit, déi onéierlech waren, nodeem awer d'Polizei schonn e Protokoll opgeholl hat, nodeem déi Affär scho beim Parquet gelant ass, wa se da konfrontéiert gi si mat de Faiten, zu ronn 30% decidéiert hunn ze bezuelen.

An eigentlech bei nëmme knapp 5% vun deene Protokoller ass et schlussendlech zu enger Gerichtsaffär komm. Et ass zu 22 Verurteelunge komm bei deenen 1.182 Fäll, dat sinn 2% ongeféier. A 34 Fäll konnt de Prévenu net richtig erreecht ginn. Dat heescht, seng Convocation op d'Geriicht konnt net richtig zougestallt ginn, an doduerjer ass et net zu enger Verurteilung komm. Dat well, dat muss ee wëssen, hei besonnesch natierlech en héijen Undeel vun Non-résidenten an déi Täterschaft hei mat erakënn.

Nëmmen e ganz klengen Deel vun den Zechpreller sinn eigentlech Résidenten. Dat erkläert sech och, well d'Résidenten natierlech méi liicht ze pake sinn wéi d'Non-résidenten, an deem heite Fall. Da muss mat Commission-rogatoiré geschafft ginn, fir dann u sech un déi Persounen ze kommen, déi am Ausland sinn. An dat ass en onheemlechen Opwand fir awer relativ bescheiden Effeten. An d'Fro stellt sech natierlech och, ob d'Justiz do ass, fir eigentlech net bezuelte Rechnungen, wann een dat kann esou soen, anzedreiwen.

Alles dat huet eis beschäftegt an der Kommissioun. A mir waren och konfrontéiert mat divergenten Avisen zu där doter Fro, soudass mer eis also eng Rei vu Méint Zäit gelooss hunn, ier mer definitiv decidéiert hunn, fir op de Wee vun där Reform ze goen, wéi se vun der Regierung proposéiert ginn ass.

De Statsrot huet säin Avis gemaach. En huet souwuel d'Nodeeler an d'Virdeeler opgezeechent vun enger méiglecher Gesetzesännerung, ouni sech honnertprozenteg festzeleeën, soudass e Choix politique ze treffen ass - eng Formule, déi mer jo och an aneren Aise vum Statsrot a leschter Zäit méi oft erëmfannen.

D'Fro, déi sech eis och gestallt huet: Ass déi dote Reform am Interessi vun den Tankstellen? Se ass sécherlech am Interessi vum Ordre public, mä ass se am Interessi och vun den Tankstellen, déi also geschiedegt sinn duerch déi Aart a Weis, fir do virzegoen? An do muss ee soen, dass bei de Leit, déi de Secteur verrieden, ob dat de Groupement pétrolier ass, ob dat och d'Chambre des Métiers ass, an och d'Vereenegung vun den Tankstellebesëtzer, eng eenhelleg Meenung war. Ech géif souguer mengen, dass si zum Deel um Ursprung vun där heiter Gesetzesinitiativ stoungen duerch hir Fuerderung.

Si sinn der Meenung, dass d'Gesetz misst geännert ginn. Si gleewen un den dissuasiven Effekt vun der Qualifikatioun vum Déifstall, ma och mat méi héije méigleche Strofen, déi domadder zesummenhänken. A si insistéieren net, fir den aktuelle System bäibehalen ze kréien, dass, wann ee bezilt, och souguer am leschte Moment, dass een dann eigentlech net veruerteelt ka ginn. Si gleewen also, dass déi dote Reform ka symbolesch e positiven Effekt hunn an zu méi Eierlechekeet beim Tanke kéint féieren.

Grouss Tankstellen, ech denken haaptsächlech un déi Tankstellen op eisen Autobunnen, wou jo Dausenden an Dausende vu Leit passéieren, déi fënnt ee kaum an der Lëscht vun de Plaignanten erëm, wann iwwerhaupt, well déi eng Rei vun techneschen Dispositiounen geholl hunn duerch Barriären an duerch Kontrollen, déi et eigentlech immens schwéier maachen, fir Zechprellerei beim Tanken ze maachen.

Mä et ass awer kloer, dass bei mëttleren a besonnesch bei klengen Tankstellen, där mer der nach ganz vill hunn hei zu Lëtzebuerg, et technesch onméiglech ass, fir esou Barriären opzeféieren, och de Verkeiersfloss praktesch domadder geläimt wär, soudass een déi preventiv Moosnamen, déi sécherlech vill bréngen, net kann verallgemengeren, a se sécherlech net kann zwéngen, fir op deen dote Wee ze goen. An duerfir hu mer eigentlech och dovunner ofgesinn. Dat war e bëssen eng Suggestioun, déi vum deemolege Procureur général, dem Här Bieber, gemaach ginn ass, fir éischer den Akzent ze leeën op déi preventiv technesch Moosname bei den eenzelnen Tankstellen an net eng Ännerung vum Text hei ze maachen.

Deem géintiwier stoung eigentlech d'Meenung vum Procureur vun Dikrech, deen déi och an der Kommissioun virgedroen huet, d'selwecht och wéi den Här Bieber, dee konnt duerstellen, mat wat fir engem immensen Aarbechtspowand eigentlech d'Behandlung vun deenen dote Fäll am aktuelle System verbonne sinn, mat awer relativ bescheidenen Effeten, wat hannen erauskënn. An duerfir huet hie sech staarkgemaach, fir op de Wee vun där heiter Gesetzesreform ze goen.

Dat erkläert also, firwat dass mer schlussendlech nom Ofweie vum Pro a vum Kontra d'accord ware mat der Gesetzesinitiativ vun der Regierung. Mir hu se op engem Punkt, wéi gesot, nach, denke mir, verbessert, andeem mer déi onënneg Bestëmmung erausgeholl hunn, dass, wann ee bezilt, dann d'Action publique automatesch opëhlt.

A mir sinn also der Meenung, dass mer hei eng kleng, mä eng richtig Reform maachen. Wéi bei all Reform si mer awer och der Iwwerzeugung, dass et net schlecht wier, an enger Rei vu Joren e Bilan ze zéien, wat dat dote schlussendlech bruecht huet. Wat waren d'Nieweneffekte vläicht, déi mer net beduecht haten, vun där heiter Reform?

Mä eent ass fir eis och kloer: Klauen och bei Tankstellen därer sech och zu Lëtzebuerg net lounen. An duerfir géif ech lech bidden am Numm vun der Kommissioun, dësen Text hei ze stëmmen.

Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - An, Här Bodry, ech ginn dervun aus, dass Der och den...

► **M. Alex Bodry (LSAP), rapporteur.** - Selbstverständlech ginn ech och den Accord vun der LSAP.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Dann huet deen nächste Riedner d'Wuert, den Här Gilles Roth.

Discussion générale

► **M. Gilles Roth (CSV).** - Merci, Här President. Ech wëll dem Här Bodry Merci soe fir säi schréftlechen an och gudden mëndlechen Rapport. En huet dat am Detail explizéiert. Et ass effektiv hei ee klengen Projet, deen awer ganz vill Froen opwërt, souwuel wat d'Strofrecht ubelaangt, wéi och wat d'Praxis vum Strofrecht am Alldag ubelaangt.

Den Alex Bodry huet mat Recht ënnerstrach, dass et hei ëm Zechprellerei beim Tanke geet an dass déi strofrechtlech aneshters considéiert gëtt. Et geet eigentlech ëm eng sougenannt Veruntreuung. Am Sënn vum Artikel 491 gëtt et elo als Déifstall considéiert.

An dat Zweet, wat eigentlech ganz speziell war, dat ass, dass ee bis elo bei Zechprellerei eigentlech all Strofverfolgung konnt selwer als présuméierten Täter astellen, wann ech bis kuerz virum Uerteel nach dat, wat ech geschëllt